

land gëtt enorm profitéiert vun deem Kompenséieren, quitted, datt - an do hutt Dir net ganz Onrecht - de Moment d'Produktioun e bësselchen ënnert där läit vum leschte Joer. Mä et ass strukturell ze vill um Maart. De Sträit ënnert de Baueren ass jo deen, datt déi Allermeescht awer gären hätten, datt soll manner produzéiert ginn an datt do- duerch de Präis sech soll erhuelen. Dorëm geet et a wierklech ëm näischt anescht.

An dat anert, à longue échéance... Ech probéieren et méiglechst kuerz ze maachen. Selbstverständlech muss d'europäesch Communautéit dat net reglementéieren, mä si kënn den juristesche Kader stelle fir e System wéi en a Kanada existéiert, wou dann d'Bauerenorganisatioun mam Handel, mam Consommateur solle festleeën, wéi vill an engem Mëllechjoer soll gestrach ginn. An dat soll flexibel sinn. Ee Joer kann et 100 sinn, d'Joer duerno kann et 95 sinn, an deemno wéi de Maart et hiergëtt, kann et 105 sinn. Mä datt een eng flexibel Steuerung erabrëngt, an datt de Maart am Équilibre ass, well de Problem ass wierklech déi strukturell Surproduction.

A gleeft mer et, déi meescht Mëllechbauere wiere frou, wa muer géif 10% manner gestrach ginn an hire Präis wier an der Rei. Well dee Wee, an deem mer elo dra sinn, féiert riicht an d'Sakgaass, an d'Gefor ass wierklech, datt et sech och an engem Joer nach net redresséiert huet. Et ass eng eenzeg Katastroph.

Här President, ech wollt kuerz sinn, duerfir halen ech elo op.

» M. le Président. - Den Här Goerens huet d'Wuert elo.

» M. Charles Goerens (DP). - Här President, ech wollt nach eng Kéier preziséieren, datt mer et mat engem Iwwerschoss ze doen hunn, deen och vun der Kommissioun nach encouragéiert gëtt doduerch, datt d'Quoten nach an d'Luucht gesat ginn.

Elo maachen ech dem Minister kee Virwurf, wann hien den éischten an den zweeten Dispositif vum Här Mehlen net kann duerchzéien, well ech weess, a wat fir enger Situation hien am Ministerrat zu Bréssel ass, vu d'Mécanismes décisionnels, déi virgesinn, datt d'Kommissioun e Vorschlagsrecht huet, an datt dat nëmme kann ëmgeworf ginn, wann déi 27 Memberstaaten unanimement dergéint sinn. Esou datt d'Kommissioun bis elo Recht hat.

Wann d'Kommissioun hir Attitüd net ännert, da kann een dem Här Boden kee Virwurf maachen, datt hien dat do net duerchkritt. Duerfir à titre subsidiaire...

» Une voix. - Hie kann et awer probéieren.

» M. Charles Goerens (DP). - Hie kann et probéieren. Voilà, et ass jo dat, wat am Dispositif gefrot gëtt. An ech hunn ausdrécklech „à titre subsidiaire“ derbäigesat, de Minister opgefuerdert, wann deen éischten an deen zweete Punkt näischt ginn, an et kritt een déi strukturell Iwwerproduktioun net ramenéiert op den Niveau vum Konsum an der Europäescher Unioun, fir sech dann eng Strategie afalen ze loosse, déi en étroite collaboration mat der Professioun gemaach gëtt, fir d'Aléa vum Marché ze atténueren.

» M. le Président. - Also den Ajout, deen den Här Goerens proposéiert, ass folgenden: «à élaborer, à titre subsidiaire et en étroite coopération avec les représentants des producteurs de lait, une stratégie permettant au secteur laitier de mieux résister aux aléas du marché dès 2015».

Den Här Mehlen huet och nach proposéiert fir am éischten Tiert de leschten Term ze sträichen. Deen ass elo hei duerchgestrach. Ech kann net méi liesen, wéi e war.

» M. Robert Mehlen (ADR). - «marchés», dat war hänke bliwwen an der Textveraarbechtung.

» M. le Président. - «des quotas laitiers en place» ass den Text. Voilà, dat ass den Text, iwwert deen elo ofgestëmmt gëtt.

Ech denken, dass de Vote électronique gefrot ass?

(Assentiment)

Da maache mer dat.

Vote

De Vote ass amgaangen.

» M. Aly Jaerling (Indépendant). - Här President, ech muss mech enthalen, ech hunn nach ëmmer näischt verstanen.

» M. le Président. - Gutt, mir huelen Akt dovunner, Här Jaerling.

De Vote ass elo ofgeschloss.

D'Motioun ass ofgelehnt mat 34 Nee-Stëmmen, bei 23 Jo-Stëmmen an 1 Abstentioun.

Résultat définitif après redressement: la motion est rejetée avec 37 voix contre, 22 pour et 1 abstention.

Ont voté oui: MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Charles Goerens), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen (par M. Paul Helminger), Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Christine Doerner), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, M. Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par M. Lucien Clement), Paul-Henri Meyers (par M. Norbert Haupt), Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Martine Stein-Mergen), Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Michel Wolter), Marc Spautz (par M. Lucien Weiler), Mme Martine Stein-Mergen, M. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz.

S'est abstenu: M. Marcel Glesener.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zum Gesetz iwwert d'Marchés publics. Rapporteur ass hei och den honorabelen Här Lucien Clement. D'Madame Brasseur, den Här Scheuer, d'Madame Loschetter an den Här Henckes sinn ageschriwwen. Den Här Clement huet elo d'Wuert.

8. 5655 - Projet de loi sur les marchés publics

Rapport de la Commission des Travaux publics

» M. Lucien Clement (CSV), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech stellen lech elo a kuerzen Zich dat neit Marchés-publics-Gesetz vir. Et ass e Gesetz, dat schonns am Dezember 2006 vum Bauteminister, dem Här Claude Wiseler, déposéiert ginn ass. Am Laf vum de Méint duerno sinn eng Hällewull vun Avisë vun deene verschiddenen Institutionen dozou erakomm.

Ech wäert awer elo net weider dorobber agoen, well ech dat a mengem schrëfleche Rapport en long et en large gemaach hunn. Dowéinst verweisen ech ebe grad op dese Rapport, falls Dir wëllt wëssen, wat zu deem virleiende Projet dann och vun deenen eenzelne Chamberen gesot ginn ass. Just zum Statsrot sengem Avis oder, besser gesot, sengen Avisen, déi op den 31. März an den 28. Abrëll vun dësem Joer datéieren, wäert ech herno awer nach e puer Wuert soen.

Här President, erlaabt mer, datt ech lech, éier ech zum Contenu vum Projet kommen oder dorobber aginn, nach kuerz exposéieren, wéi den Oflaf vun den Aarbechten an der Bautekommissioun war. De 17. Dezember 2007 huet d'Kommissioun mech zum Rapporteur ernannt. Nodeems mir schonns ufanks 2008 de Projet eng éischte Kéier an der Kommissioun duerchdiskutéiert hunn, huet et awer bis zu de Sitzunge vum 15. a 16. Abrëll 2009 gedauert, bis mer an der Bautekommissioun nach eng Kéier iwwert de Projet selwer an iwwert den Avis vum Statsrot an iwwert déi aner Avisen dann diskutéiert hunn.

De 16. Abrëll hu mer eng Rei vun Amendementer ugehall, déi dann och un de Statsrot geschéckt gi sinn. Virdrun hat och schonns d'Regierung verschidden Amendementer un de Statsrot geschéckt. De Conseil d'État sengersäits huet den 28. Abrëll 2009 säin Avis complémentaire zu dësen Amendementer ofginn.

Den 30. Abrëll huet d'Chamberskommissioun dësen Avis analyséiert a gläichzäitig och de Rapport ugehall. De Projet huet eng gewëssen Urgence, dofir och déi relativ

schnell Prozedur elo zum Schluss. Lëtzebuerg ass nämlech schonns condamnéiert vun der Europäescher Kommissioun, well mir d'Direktiv nach net ëmgesat hunn. Esou vill zum Oflaf vun den Aarbechte vun der Chamberskommissioun. Elo awer zum Contenu selwer.

Déi öffentlech Ausschreiwunge sinn de Moment duerch d'Loi modifié vum 30. Juni 2003 geregelt. Dëst Gesetz ass an dräi Livré ënnerdeelt. Éischtens, de Livre eent mat den Dispositions générales. Zweetens, de Livre zwee an dräi setzen europäesch Direktiven zu de Marchés publics an nationaalt Recht ëm. U sech ass d'2003er Gesetz eng koordinéiert a moderniséiert Versioun vum Marchés-publics-Gesetz vum 4. Abrëll vum 1974 gewiescht. Et gëtt och nach e Règlement d'exécution vum 2003, op dat ech op dëser Plaz awer net wëll agoen. Mir haten dat alleguerten zur Dispositioun.

Säit 2003 huet sech awer schonns erëm vill gedoen, esou datt mer elo séier mussen nozéien, fir mat den Ufuerderungen op EU-Niveau kënnen matzehalen. Dir wësst alleguerten, an ech hunn dat scho virdrun ugedeit, datt d'Netanhalen an deenen zäitlechen Délaie vum virleiende Projet Lëtzebuerg ganz vill Suen, ganz vill Geld kascht. Notamment muss mer d'Direktiven 2004/18/CE an 2004/17/CE vum Europaparlament a vum Conseil ëmsetzen, déi allen zwou Prozeduren vun de Marchés publics als Objet hunn.

De virleiende Projet wéi och d'Reglement, dat dozou gehéiert, wäerten déiselwecht Struktur wéi d'Texter vun 2003 behalen, an och un de grouse Prinzipië vun dësem Text gëtt net weider gerëselt. Nieft e puer Neierunge ginn éischter punktuell Modifikatiounen virgehall, et gi Prozeduren méi transparent gemaach, et ginn Texter vereinfacht a clarifiéiert. D'Procédures de passation vun den öffentlechen Ausschreiwunge gi moderniséiert an den heitege Besoinen ugepasst.

Zudeem definéieren déi grad genannten Direktiven, wéi de Pouvoir adjudicateur kann Aspekter vun Ëmweltschutz an nohalteger Entwécklung berücksichtegen. Dëst ass e ganz wichtege Punkt an dësem Gesetz, iwwert deen ech dofir och nach e puer Wuert wëll verléieren.

Mat deem neien Text ass et méiglech, datt net nëmme de Präis den Haaptkritär vun der Vergab vun engem Marché ass, mä eben och ëmwelttechnesch an Nohaltekeetsaspekter mat a Rechnung gezu kënnen ginn. Dat spilt zum Beispill eng Roll, wann et ëm d'Kantin oder d'lessen an de Kliniken geet, dat do gebraucht gëtt. Et ass jo definitiv méi sënnavoll a logesch, datt een zum Beispill Joghurt oder Mëllechprodukten, Fleesch oder Uebst kritt, déi hei aus der Region sinn, amplaz vun engem méi bëllege Produkt, deen awer dofir schonns uechtert d'hallef Welt transportéiert oder geflu ginn ass.

Mat dësem Projet kënnen vill Marchés publics méi sënnavoll attribuéiert ginn. D'Chambre d'Agriculture hat an hirem Avis extra heirobber higewisen, a si hunn och Recht, wa se dorobber hiewisen. Jiddefalls ass et elo méiglech, datt déi öffentlech Hand, wann de politesche Wëllen dofir do ass, esou Qualitéits-, Sozial- a Nohaltekeetskritären an hir Ausschreiwunge mat erabrëngt. Fir dëse Kritären och kënnen Rechnung ze droen, muss een dann och net méi deem bëllegsten Anbieter den Zouschlag ginn.

Och kann esou ee Marché iwwer en Accord-cadre ofgeschloss ginn, dat heescht, et ass ee sech eens iwwert de Präis, iwwert d'Qualitéit vun de Wueren, mä et leet ee sech net onbedéngt fest iwwert d'Quantitéit, déi muss zu verschiddenen Datumen gelievert ginn. Dat geschitt dann au fur et à mesure, esou wéi se grad gebraucht ginn. Dofir misste sech déi lokal a regional Lievensmëttelproduzenten awer op enger Plattform zesummefannen, fir datt si ëmmer en mesure sinn, fir déi esou gebrauchte Produkter och zur Zäit, oder besser gesot, zu där Zäit kënnen ze liwweren, wou se da gebraucht ginn.

Et geet einfach net duer, datt mir ëmmer erëm Qualitéitslabelen hei zu Lëtzebuerg schafen, nei Lastenhefter ausschaffen, a mir ënnerloossen et gläichzäitig fir eis déi néideg Moyenen ze ginn, datt dës Qualitéitsprodukter och Agank fannen an déi öffentlech Kantinen, Altersheime oder Spideeler oder an aner öffentlech Institutionen.

Här President, ech wëll an deem Kontext dann och eng Motioun hei déposéieren. Déi Motioun huet zwou Ënnerschrëfte vun de Majoritéitsparteien. Wann awer nach aner Fraktiounen wëlle mat ënnerschreien, ass dat hinnen iwwerlooss.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que l'article 4 de la loi sur les marchés publics arrête que «lors de la passation des marchés publics, il soit tenu compte des aspects et des problèmes liés à l'environnement et à la promotion du développement durable»,

invite le Gouvernement

- à tenir compte de ces critères dans le cadre des services de restauration collective en donnant la possibilité d'intégrer également les produits du terroir luxembourgeois, voire de la Grande Région.

(s.) Lucien Clement, Anne Brasseur, Jacques-Yves Henckes, Marcel Sauber, Jos Scheuer.

E weidere Schwéierpunkt vum Text läit op den elektronischen Technologien, déi souwuel d'Ausschreiwungsprozedur wéi d'Prozeduren, fir den Devis eranzeschécken, vereinfachen an och verschnellere wäerten.

Dir gesitt, all déi grad opgezielte Mesurë wäerten dozou bäidroen, datt de virleiende Projet duerch Vereinfachung a Verschlechterung vun de Prozeduren och am Geescht vun deem Konjunkturpak, fir d'Wirtschaft erëm unzekuerbelen, steet.

An dësem Projet gëtt jo den Text vum Projet de loi 6010, deen Deel och vum Krisepakage war, iwwerhall. Doduerch, datt mir elo haut dat hei Gesetz iwwert d'Marchés publics kënnen unhuelen, gëtt den Text vum Projet de loi 6010 iwwerflësseg a kann deemno och zrëckgezu ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mir awer, déi wichtegst Neierunge vum Text kuerz virstellen. Mir hunn do op där enger Säit d'Procédure restreinte an d'Procédure négociée. Am Geescht vun der Vereinfachung, fir öffentlech Gelder ze investéieren an domat d'Wirtschaft unzekuerbelen, gesäit de virleiende Projet dës zwou Prozeduren vir, op déi ouni Publication d'avis an ouni extra Motivatioun kann zrëckgegraff ginn, an dat bei Ausschreiwunge bis 14.000 Euro, Valeur 100 vum Indice du prix à la consommation op den 1. Januar 1948, wat haut ongeféier 103.650 Euro sinn.

Bei Ausschreiwunge sans publication d'avis an där Gréisstenuerdnung vu 55.000 bis 103.650 Euro mussen awer op d'mannst dräi Kandidaten kontaktéiert ginn, fir eng Procédure restreinte oder eng Procédure négociée kënnen ze entaméieren.

Laut deem neien Text ass et esou, datt fir Marchés publics, déi net iwwert de Seuil vu 55.000 Euro eraus ginn, guer keng Formalitéiten méi erfuert sinn. D'Méiglechkeet, op dës vereinfacht Prozeduren zrëckzegräifen, ouni eng komplett Ausschreiwung ze organiséieren, erlaabt et, méi séier Investissementer ze lancéieren, soulaang se ënnert deem - wéi ech gesot hunn - aktualiséierte Seuil vun 103.650 Euro respektiv ënnert dem Seuil vu 55.000 Euro bleiwen.

De Pouvoir adjudicateur, also den Optragegeber, kann des Weideren entweder déi Offer mat deem niddregste Präis unhuelen oder awer d'Offre économiquement la plus avantageuse. Och heifir setzt deen neien Text d'Modalitéiten an d'Kritäre fest. D'Bewäertung respektiv déi prozentual Pondéerung vun dësen Kritäre mussen awer am Virfeld an dem Cahier des charges festgehale ginn.

Deen neien Text gesäit dann och d'Méiglechkeet vir, fir déi Opérateuren ze bestrofen, déi sech net un d'Spillregele gehalen hunn, andeems ee se vun zukünftegen öffentlechen Ausschreiwungen ausschléisse kann. Dat ka geschéie fir maximal eng Dauer vun zwee Joer an och nëmme fir Projeten, déi een an deeselwechten Optragegeber dann och betreffen. Bei Onregelméissegkeeten huet de Pouvoir adjudicateur och d'Recht, fir e Vertrag opzeléisen, ze résiliéieren.

E weidere wichtege Aspekt, an ech hat et schonn uklänge gelooss, ass d'Matabezéie vun den elektronischen Technologien. Um Site vum Bauteministère kann een elo schonn dës enorm Prozedurvereinfachung fannen. Déi elektronesch Technologie ginn elo mat den traditionelle Moyens de communication gläichgesat, sou datt alles vill

méi séier a vill méi einfach ka goen. En Internetportail vun de Marchés publics - ech hunn et elo grad ugedeit - ass installéiert ginn innerhalv dem Ministère des Travaux publics, op deem d'Avis de publication vun de Marchés publics esou, wéi mir se bis elo aus den Zeitunge kennen, kënnen publizéiert ginn.

Ech denken, ech brauch kengem heiban-nen a scho guer kengem dobaussen aus dësem Secteur selwer dës Virdeeler ze erklären. Ech denken och, datt dës Mesure, déi u sech nëmmen eng vu villen ass, wesentlech dozou bäidréit, déi administrativ Chargen ze reduzéieren, an datt se alleguerten déi Lige strooft, déi ëmmer erëm vun dëser Tribün aus probéieren, d'Land gleewe wëllen dinn, dës Regierung hätt näischt a puncto Ofbau vun administrative Chargen ënnerholl.

Ech gi gären zou, datt nach munches ze maache bleift an deem Dossier. Mä ech kann net akzeptéieren, wa gesot gëtt, et wier näischt elei ënnerholl ginn.

Här President, den Text, iwwert deen...

(Interruption)

Wien dat seet, Madame? Ma dat war d'Iescht Woch nach op der Tribün den Här Etgen. Deen ass elo net hei. Deen huet en long et en large doriwwer referéiert, datt d'Regierung näischt gemaach hätt fir den Ofbau vun den administrative Chargen.

(Interruptions)

Gelif? Jo, grad deen Dag, wou en och nach dat Buch heemgeschéckt kritt huet vu 74 Säiten oder 75 Säiten, wou all déi Saachen drastinn, déi ofgebaut gi sinn.

(Interruptions)

Jo. Enfin!

(Interruption)

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Et steet awer näischt am Buch, dat ass de Problem!

» M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.- Hutt Dir et gelies? Da waart Der jo séier fäerdeg.

(Hilarité et interruptions)

» Une voix.- Et ass komplizéiert.

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Et stoung net vill dran.

» M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.- Also, Här President, den Text, iwwert dee mer elo gläich...

(Interruption)

...ofstëmme wäerten, adaptéiert och d'Prozedure fir d'Passation vun de Marchés publics. Dat ass éischstens den Dialogue compétitif. Och heibäi handelt et sech ëm eng spezial Prozedur, déi verschidde Gemeinsamkeete mat der Procédure restreinte an der Procédure négociée huet.

Beim Dialogue compétitif si bei der Procédure restreinte awer Verhandlungen iwwer sämtlech Aspekter vun der Ausschreiwung erlaabt, wougéint bei der Procédure négociée d'Verhandlung sech just op eng bestëmmte Phas am Laf vun der Prozedur konzentréieren.

Dësen Dialog ass virun allem dann interessant, wann et ëm extrem komplex Projete geet, bei deenen de Pouvoir adjudicateur am Virfeld guer net weess, wat fir eng technesch, finanziell oder juristesche Leeschtunge gebraucht ginn. Et ass also eng flexibel Prozedur, bei där souwuel d'Konkurrenz respektéiert gëtt an awer och de Besoin, verschidden Detailer vun der Realisatioun mat verschiddene Kandidaten ze beschwätzen, wou dat dann och erfëllt ka ginn.

Zweetens, den Accord-cadre. Beim Accord-cadre vergëtt den Optraggeber de Marché no klasesche Prozeduren an no objektive Kritäre wéi Qualitéit, Präis oder Quantitéit.

Et gëtt awer net onbedéngt nëmmen eng oder just eng Offer ausgewielt. Zum Schluss vun dëser éischter Phas kann de Marché entweder just un een Opérateur attribuéiert ginn oder awer u méi Opérateuren. D'Gesetz léisst déi Méiglechkeeten alleguerten

op. Si mussen awer alleguerten d'Konditiounen vum Accord-cadre iwwert déi ganz Dauer respektéieren.

Bei dëser Prozedur fënnt also no enger éischter Phas eng Remise en concurrence statt vun deenen Opérateuren, déi zrëckbehalen gi sinn. Dës kënnen elo hir Offer të bë behalen oder awer no hire Méiglechkeeten hir Offer nach eng kéier verbessern.

Drëttens hu mer d'Centrales d'achat. Laut dem virleienden Text kënnen verschidden Optraggeber sech zesummendoen, fir hir Akeef ze zentraliséieren. Heibäi musse selbstverständlech d'Prozedure vun de Marchés publics, wéi se am Gesetz virgesi sinn, respektéiert ginn. Duerch esou Centrales d'achat dierft et an Zukunft méiglech sinn, verschidde Produiten, well se dann a méi grouse Quantitéiten akaaft ginn, dann och zu engem bessere Präis kënnen anze-kafen.

Här President, erlaabt mer nach e puer Umierkungen zum Contenu vum Gesetz. De Livre dräi vum neie Gesetz enthält verschid-den Dispositiounen, déi spezifesch si fir d'Marchés publics an de Secteure vum Waasser, der Energie, dem Transport an de Postservicer. Dogéint gëtt de Secteur vun den Telekommunikatiounen net méi am Livre dräi opgefouert a fält deemno ënnert déi allgemeng Regele vun de Marchés pu-blics.

Des Weidere gëtt d'Terminologie an eiser nationaler Législatioun där vun den Direkti-ven ugepasst. Dir hutt scho virdru gemierkt, ech hunn net méi vu Marchés oder Soumis-siounen geschwat, mä nëmme nach vu Pro-cédure négociée oder Procédure restreinte oder Procédure ouverte. Dir kënnt dat alles gär nach méi am Detail a mengem schrëft-leche Rapport noliesen.

Ofschléissend awer nach e puer Wuert zum Avis vum Statsrot. Déi héich Kierperschaft fënnt et richteg, datt dat aalt Gesetz integral duerch dat neit Gesetz ersat gëtt. Doduerch bleift d'Kohärenz vun der Législatioun vun de Marchés publics erhalen, an eng kloer Linn ass erkennbar do, wat den Text dann och wesentlech méi lisibel mécht oder hält.

Ech wëll lech awer elo net verheemlechen, datt de Statsrot och e puer Problemer mam initialen Text hat, a mir duerfir, wéi ech schonn am Ufank vu menger Ried gesot hunn, e puer Amendementer an der Kom-missioun hu misse formuléieren.

Also, a sengem éischten Avis hat de Stats-rot véier Oppositions formelles formuléiert, wouropshi verschidde Passagen am Text dann och gestrach oder reformuléiert gi sinn. Wat dat elo genau war, do verweisen ech och op mäi schrëftleche Rapport, do fannt Der déi Textpassagen alleguerten. Et bleift awer ze soen, datt mir dem Statsrot seng Oppositiounen konnten aus dem Wee-raumen an elo dëse Projet esou zur Ofstëm-mung brénge kënnen.

Här President, dat elei ass en extrem wich-tegt Gesetz, fir datt hei am Land weiderhi kënnen Investissementer vu méi klenger oder méi grousser Envergure realiséiert ginn, an dat méi einfach - géif ech soen - wéi virdrun, virun allem och méi séier wéi virdrun, a mat engem gehéirege Pak man-ner administrativem Opwand wéi bis elo.

Duerfir bieten ech d'Chamber, dëse Projet an där elo virleiender Versioun och ze stëm-men.

Ier ech elo d'Riednerpult verloossen, wëll ech awer nach de Responsable vum Minis-tère selwer Merci soen, grad wéi de Beam-ten hei aus der Chamber an och aus der CSV-Fraktioun fir déi Hëllef beim Ausschaffe vu mengem Rapport. Et war e komplexen an technischen Dossier mat bal 100 Artike-len, a wann een do net vun deenen néide-gen Experten épauléiert gëtt, ass dat awer trotzdeem e ganz schwieregt Unterfangen.

Ech soen lech alleguerte Merci, datt Der mer nogelauschtert hutt, a bréngen den Ac-cord vun der CSV-Fraktioun zu deem heite Projet.

» Une voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Clement. Déi honorabel Madame Anne Brasseur huet elo d'Wuert.

Discussion générale

» Mme Anne Brasseur (DP).- Här Pre-sident, Dir Dammen, Dir Hären, ech schlësse mech selbstverständlech de Mer-cië vum Rapporteur un, an ech drécken dann och nach mäi Merci vis-à-vis vum Rapporteur aus, deen eng gutt Aarbecht hei gemaach huet als Rapporteur, mä deen dat och an der Kommissioun exzellent mécht.

Erlaabt mir, Här President, eng Virbemier-kung ze maachen zum Text, an zwar zum Artikel 3, Paragraph 3. Ech hat virdru mam

Rapporteur doriwwer geschwat. An deem Text, deen eis am Rapport virläit - an dat ass jo och deen Text, deen d'Chamber hei stëmmt -, schéngt mer e Wuert ze feelen. Ech wollt d'Chamber dorop opmierksam maachen. An zwar steet an deem Text, deen ech a mengen Ennerlagen hunn - an ech zitéieren: «La „concession de travaux publics“ un contrat présentant les mêmes caractéristiques qu'un marché public de travaux». Ech mengen, do feelt dat Wuert „est“, well et geet hei ëm Definitionen. Et kann awer sinn, dass an engem aneren Text vläicht en aneren Term dostoung, mä deen hunn ech net erëmfonnt.

Op jidde Fall geet dee Saz net op, an ech mengen, wa mer hei Texter stëmmen, Här President, da muss den Text awer richteg a komplett sinn. Ech wollt lech just dorop op-mierksam maachen, dass dat nogekuckt gëtt.

Här President, no där...

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Datselwecht steet beim Artikel 55-2 A.

» M. le Président.- Mir kucken dat, mir kontrolléieren dat elo direkt, fir dass d'Chamber herno en Text stëmmt, dee Kapp a Fouss huet. Merci, Madame Bras-seur, fir Är Opmierksamkeet.

» Mme Anne Brasseur (DP).- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen, Dir Hären, et huet elo fënnef Joer gedauert, bis mer déi Direktiv vun 2004 iwwert d'Mar-chés publics konnten ëmsetzen. Déi Direk-tiv ass vum 31. Mäerz 2004, an alt do hu mer ons nees schwéiergedinn. Déi nächst Regierung muss awer mat Sécherheet do d'Prozeduren op de Leescht huelen, fir ze kucken, dass mer déi Direktive vill méi séier kënnen ëmsetzen. Dëst ëmsou méi, well d'Gesetz vun 2003 jo awer an der Applika-tioun Onzoulänglechkeeten hat, an déi be-traffe Milieuen - d'Handwerksbetreiber, d'En-trepreneuren, d'Commercen - hu jo och do-op opmierksam gemaach.

Ech si frou, dass den Här Boden, dee jo en enormen Entfesselungsprogramm hei méi wéi eng kéier annoncéiert hat, elo ën-nerstëtzt ginn ass vum Här Wiseler, an dass den Här Wiseler als Minister vun den Tra-vaux publics deen hei Projet déposéiert huet, an dass mer elo duerch dëse Projet an duerch d'Applikatioun vun der Direktiv zu Simplificatiounen kënnen kommen.

Et si bei dësem Projet fënnef Haaptprinzipië bei der Attributioun vum Marché public. Deen éischten ass dee vun der Transpa-renz; deen zweeten dee vun der Gläichbe-handlung vu alle Bedeelegten; deen drët-ten ass, dass d'Spill vun der Konkurrenz mat abezu muss ginn; dee véierten, dass gutt mat de Steiergelder, mat den öffent-leche Gelder ëmgaange gëtt; an dee fën-neften ass, dass d'Ëmweltkritären och musse mat berücksichtegt ginn. Mat deene Prinzipië kann ee selbstverständlech d'ac-cord sinn. D'Procédure ass a bleift, egal wéi mer se hei simplifiéieren, awer komplizéiert.

Duerfir, Här President, musse mer wirklech derfir suergen, dass déi Kleng- a Mëtteleb-tribler à même sinn, hei all déi Prozeduren awer ze respektéieren.

Aus der Praxis vun der Gemeng weess ech, an et sinn nach vill Kommunalpolitiker hei of-bannen, déi dat och wëssen, wéi oft heiansdo ee muss écartéiert ginn, well d'Procédure net respektéiert ginn ass. Dat ass da kee schlechte Wëllen oder keng In-kompetenz, mä d'Procédurë sinn nun eemol komplizéiert.

Wann dëst Gesetz elo d'application gëtt, da géif ech déi betrafte Ministären, an zwar de Ministère des Travaux publics an de Minis-tère des Classes moyennes, bieten, ze-summe mat de Chambres professionnelles, dat heescht, der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers, ze kucken, wéi een d'Betribler besser ka preparéieren, fir dass hinnen net Feeler an der Procédure ënnerlafen. Well et ass och net am Intérêt vum Steierzueler, dass Procéduresfeeler vir-kommen, well ganz oft muss dee Bëllegsten écartéiert ginn, well iergende Certificat oder soss eppes vergiess ginn ass. Duerfir muss een dorop pochen, dass d'Formatioun vun de Betribler hei awer gemaach gëtt.

Et handelt sech ëmmerhi bei deene Kleng-a Mëttelebetribler hei zu Lëtzebuerg ëm 20.000 Betribler mat 150.000 Beschäfteg-ten, also en enorme Poids an onser Ekono-mie. Mir mussen deenen hëllefen, dass se et fäerdeg bréngen, déi Prozeduren esou ze respektéieren.

Wat ech bemängele bei all deenen Texter, déi mer hunn, an dat ass kee Virwurf un eng Regierung, mä dat ass, dass mer ons ëm-mer méi a Prozeduren awer verstrécken a verhedderen. Et gëtt ëmmer méi Prozesser, et gëtt ëmmer méi Reklamatiounen géint Pro-

céduren, an da muss een écartéiert ginn. D'Administratiounen mussen op den Dibbel-chen oppassen, well soss huet een direkt e Recours.

Ech zitéieren hei eng Architektin vun der Stad Lëtzebuerg. Si huet mir gesot: „Et ass dach net normal, datt ech nëmme méi nach 10% Architektur ka maachen an 90% Droit a Procéduren.“

Do weess ech net, wéi mer zesummen do-raus erauskommen, mä mir mussen ons awer bewosst sinn, dass mer ons am Fong vill ze vill do operleeën, an dass een, och wann déi Prozeduren hei vereinfacht ginn, am Fong dozou misst kommen, déi nach ze vereinfachen. Dat ass awer ganz schwiereg, wann een déi fënnef Kritäre vun der Trans-parenz, vun der Gläichbehandlung, vum Spill vun der Konkurrenz, vum gudden Ëm-gang mat de Steiersuen a vun den Ëmwelt-kritären och wëllt berücksichtigen.

Mä duerfir nach eng kéier: Déi nächst Re-gierung muss wirklech, de Minister vun den Travaux publics an de Minister vun de Classes moyennes zesumme mat de Chambres professionnelles, kucken, dass d'Betribler beschtméiglech préparéiert ginn, net dass se écartéiert gi weinst prozedurale Feeler.

Dann, wat de Projet selwer ubelaangt, wëll ech net an den Detail drop agoen. De Rap-porteur huet dat gemaach. Mir hunn erlich-tert Prozeduren. Mir hunn éischstens elo d'Procédure, dass ouni Formalitéit bis 55.000 Euro Marchée kënnen attribuéiert ginn, dass dräi Offere musse gefrot gi fir Marchéen tëschent 55.000 an 103.650 Euro, an dass iwwer 103.650 Euro d'Publici-téit obligatoire ass. Dat ass fir d'öffentlech Hand, ob dat Gemenge sinn, ob dat Établis-sements publics sinn, ob dat de Stat ass, jo sécherlech eng Erliichterung. Dat accélé-riert d'Procédure, wat an dëser Zäit vu schwierere wirtschaftlechen Donnéeë bestëmmt wichteg ass, dass mer méi séier kënnen déi Marchéen attribuéieren.

Et ass och eng nei Terminologie am Text. Dat fannen ech dat mannst Komplizéiertst. D'Soumission publique heescht elo Procé-dure ouverte, d'Soumission restreinte heescht Procédure restreinte, an de Marché négocié heescht Procédure négociée. Ech mengen, doru kënnen mer ons relativ séier winnen.

Den Dialogue compétitif an den Accord-cadre - de Rapporteur huet dat explizéiert, esou dass ech net méi dorop wäert agoen. An och den Zougrëff op d'Informatiouns-technologien, wat wirklech eng Erlichte-rung ass.

Ech begrëissen, dass mer hei elo méi kloer Texter hunn iwwert d'Exklusiv, well et ass net normal, wann een als Optraggeber, dat heescht als Verwalter vun den öffentleche Gelder gesäit, dass ëmmer deeselwechte Betrib dee bëllegsten ass, an dass een dann duerno mat deem Betrib enorm Schwiereregkeeten huet, well e sech net un d'Präisser hält, well ee mat him muss dauernd streiden. Dat kënnt da bis zu Pro-cédurë viru Geriicht, an da bei deem nächste Marché muss een erëm op deesel-wechten zrëckgräifen, wou ee weess, dass et erëm vu vir ugeet. Dass do d'öffentlech Hand eng Prozedur kann hunn, fir een ze excluéieren, schéngt mer ganz gutt ze sinn. Natierlech därft dat net abusif sinn. Et si jo och dofir Restriktiounen am Text agebaut, an d'Commission des soumissions muss jo och do an d'Bild gesat ginn.

Wat ech och bei dësem Projet wichteg fan-nen, dat sinn déi zéng Kritäre vun den Attri-butiounen bei engem Marché, déi festgehale gi sinn. Et ass also net nëmme méi de Präis, mä et sinn aner Kritären, déi nommément opgefouert sinn am Gesetz. An dat sinn der zéng: 1. dat ass d'Qualitéit; 2. de Präis; 3. den techesche Wäert; 4. d'Ästhetik an d'Funktionalitéit; 5. Ëmweltconsidéraioun-en; 6. de sozialen Aspekt; 7. de Ge-brauchspräis; 8. d'Rentabilitéit; 9. de Ser-vice après-vente, an 10. d'Exekutioun oder d'Liwwerungsdélaien.

Dës zéng Kritäre kënnen agebaut ginn, mussen awer net agebaut ginn. Si kënnen pondéiert ginn oder der Wichtigkeet no gestaffelt ginn. Et schéngt... Et ass wirk-lech gutt, dass mer dat elo esou kloer am Text hunn, well et ass net eleng de Präis, deen ausschlaggebend ass. Well déi bël-legsten ass jo net ëmmer déi beschten Of-fer. Dat muss natierlech ganz kloer am Ca-hier des charges prezisiéiert ginn.

Och ass erëm eng Dispositioun an dësem Text iwwert d'Préferenz, déi een engem lo-kalen Ubidder ka ginn, wat och eng positiv Saach ass. An zwar, ee lokalen Ubidder därft net méi wéi 5% méi deier si wéi dee präisgëschtegsten. Da kann een de Loka-lubidder an virzéien, wat och ze begréis-sen ass.

Mardi,
5 mai 2009

Als Konklusioun, Här President, géif ech soen, dass mer hei e Gesetz, e Projet de loi virleien hunn, deem am Intérêt ass vum Steierzueler, deem am Intérêt ass vun de Betriber, also vun onser Economie, deem am Intérêt ass vun den öffentliche Verwaltungen. Ech hoffen, dass déi Zilsetzungen awer, déi mer ons gesat hunn, och dat erfëllen, deenen Intérête gerecht ginn, déi mer mengen dass an dësem Text géife stiechen.

Dofir muss ee kucke bei der Applikatioun vum Gesetz, natierlech a Konformitéit mat der Direktiv, wéi dat sech an der Praxis auswierkt. A wa Schwierigkeeten do sinn, da misst déi nächst Regierung sech awer do engagéieren, fir eng Evaluatioun ze maachen, an net sechs Joer waarden, bis den Text adaptéiert gëtt. Do musse mer eng néideg Souplesse hunn.

Nach ee Wuert zu der Motioun, déi den Här Clement eragereecht huet, wou e freet, dass ee bei de Services vun der Restauration collective kann op Produitë vun nobäi zrëckgräifen. Wann ech den Text verstinn, da kann een dat jo maachen ënnert der Dispositioun vun deene lokale Betriber, well een do jo awer schonn eng gewësse Präferenz kann hunn. Mä et geet vläicht besser, wa mer déi Motioun maachen. Effektiv soll een d'Produits du terroir favoriséieren, net nëmme wéinst der Gesondheet, mä awer och wéinst deene Betriber, déi hei usässeg sinn. An dofir géif ech och d'Ënnerschrëft vu menger Fraktioun ganz gäre bréngen.

No deenen Observatiounen, Här President, Dir Dammen, Dir Hären, bréngen ech den Accord vun der DP-Fraktioun an der Hoffnung, dass dat Gesetz hei an der Applikatioun dat och bréngt, wat et um Pabeier verspricht.

Merci villmools.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Brasseur. Den Här Scheuer, wann ech gelift.

» **M. Jos Scheuer (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi mer am Joer 2003 dat neit Gesetz zu de Marchés publics diskutéiert hunn, do waren dat ganz laang a ganz haart a ganz intensiv Diskussiounen, déi derzou gefouert hunn, dass mer d'Gesetz vun 1974 reforméiert hunn. Dat war schonn eng grouss Aarbecht, an dat Gesetz vun 2003 ass e wichtegt Reformgesetz gewiescht.

Mir hunn diskutéiert zum Beispill iwwert de Sënn, fir déi bëlleegst Offer missen ze huelen. Mir hunn de Rapport Präis-Qualitéit diskutéiert. Mir hunn iwwer all méiglech Ausnahme geschwat, déi een zu deenen zwee grousser Prinzipië misst uwennen oder kéint uwennen. A mir hunn iwwert d'Differenzierung fir eenzel Secteuren och geschwat.

D'Madame Brasseur hat och zu Recht d'Prozeduren ugeschwat an iwwert déi penibel Situatioun, an déi ee kënnt, wann opgrond vu Prozeduren da Leit, Submittenten eliminéiert ginn. Déi Prozeduren, déi ëmmer gepréift ginn, net nëmmen an enger Gemeng, net nëmmen an de Services techniques, mä déi awer och gepréift gi vun de Submittente selwer. Do besteet eng Rivalitéit, wou penibel opgepasst gëtt, dass jiddwereen no deeneselwechte Kritäre bemooss gëtt.

An ech mengen och, dass mer am Beräich vun de Prozedure par rapport zu 1974 am Gesetz vun 2003 Fortschréttler gemaach hunn. Dat Gesetz ass deponéiert gi vum Minister fir d'Travaux publics. Et hätt och kënnen en anere Minister sinn. Mä Fait ass, dass de Minister vun den Travaux publics zoustänneg ass fir d'Marchés-publics-Gesetz.

Ech muss hei och de Beamten e Kompliment maachen. Si betreiën dee ganze Sektour. Si sinn och zoustänneg fir déi ominéis Kommissioun, déi fir de Marchés-publics-Sektour scho liewenswichtig ass, am richtige Sënn vum Wuert.

Ech soen och dem Rapporteur Merci, deen en exzellente schrëftleche Rapport virgëluecht huet an och e gudde mëndleche Rapport gemaach huet, an all deene Kollegen, déi an deene Sätzungen, déi mer hatten, mat diskutéiert hunn.

Just e puer Wuert zu deene wichtigsten Neierungen, a mengen Aen, déi an deem dote Gesetz stinn.

Fir d'éischt d'Procédure négociée, dass elo de Choix besteet, fir niewent der finanziell beschter Offer och nach déi Offer ze huelen, déi wirtschaftlech déi beschst ass. An een, dee vill Ausschreiwunge gemaach huet, dee weess, wéi wichtig zum Beispill den Entretien ass, wann iergendwou gebaut gëtt, wéi wichtig och d'Liewensdauer ass, déi déi eenzel Materialien hunn, etc. Och dass gëtt elo dem Submittent vill méi Flexibili-

téit, vill méi Souplesse, wéi dat virdrun de Fall war.

Zweetens, nach eppes, wat mer am Joer 2003 nach net konnten esou virausgesinn, wat awer och an déi Richtung geet, déi d'Madame Brasseur ugeschwat huet. Nämlech d'Informatiséierung vun de Prozeduren bei den öffentlichen Ausschreiwungen. Déi muss et elo méiglech maachen - an esou ass et gewënscht -, dass déi Prozeduren méi licht ze duerchkucke sinn. Dass déi, déi Offere maachen, méi licht sech informéiere kënnen. Domadder gëtt dann och d'Feelerquell erfogusat. Eng Vereinfachung vu Prozeduren, déi ëmmer penibel bleiwen a Recherche mat sech zéien, déi och ëmmer penibel sinn.

Dréttens dann, och wëll ech erwähnen, dass mer eng ganz Serie vu Prozeduren upassen oder Prozeduren, déi nei an d'Gesetz eragesat ginn. Dat, wat mer am Joer 2003 och schonn ugeschwat hatten als eppes, wat géif feelen, mä wou mer um Terrain da kucken, wat eis feelt; nämlech den Dialogue compétitif tëschent de Parteien, dee munches aus de Fiéss raume kann, éier et zum Accord kënnt.

Dann den Accord-Kader, dee vum Rapporteur exzellent duergestallt ginn ass. Wou een och soll erwähnen, dass de Marché u méi Submittente ka verdeelt ginn, dass d'Operatiounen kënnen opgedeelt ginn, an och de Fait, dass een elo Akafszentrale bilde kann.

Interessant bei dësem Gesetz ass och, dass vill Avisen erakomm sinn an dass déi Avisen och global positiv sinn. Mir setze jo zwou Direktiven ëm. Et huet relativ laang Zäit gebraucht; vun 2004 bis elo. D'Avisë vun de Chambre si positiv. Ech kucken dat emol aus dem Bléckwénkel vum Syvicol, deen ee wichtige Saz schreift, nämlech méi Flexibilität an d'Bild matzebréngen.

Dann - dat steet och am Rapport - soen déi eenzel Chamberen, dass dat Gesetz hei sech situéiert um Hannergrond vun der Wirtschaftskris an en vue vun all deene Mesuren, déi am Kader vum sougenannte Konjunkturplang getraff ginn. Et ass en technesch Gesetz, awer net nëmmen en technesch Gesetz. Et ass och e Gesetz, wat a Rapport steet mat der Wirtschaftskris a wat e Secteur beliewe kann, an och vläicht net d'administrativ Prozeduren entfessele kann, mä awer trotzdeem munches erliichtert.

Natierlech stëmme mir och déi Motioun, déi den Här Clement abruecht huet an déi ech mat ënnerschriwwen hunn. Eng Motioun, déi och weist, dass dat hei iwwert dat erausgeet, wat just am Travaux-publics-Sektour leeft a bei de Gemenge leeft, wa Bauprojeten ustinn, mä dat ass e Beräich, dee gräift an d'ganz Wirtschaftsliewe vu Lëtzebuerg an. Domadder ginn ech och den Accord vu menger Fraktioun.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Freet nach een d'Wuert zu dësem Projet?

Den Här Henckes, wann ech gelift.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och dem Rapporteur Merci soe fir säi Bericht, well en eng etlech Introduktiounen hei ginn huet. Mä ech wëll awer och direkt soen, dass mer ons bei dësem Projet wäerten enthalten, well de Projet de loi eng etlech Saachen enthält um juristesche Plang, mat deene mer net kënnen d'accord sinn, respektiv wou et Feeler ginn. Dat ergëtt sech deelweis aus de Prozeduren. Ech wäert herno nach méi am Detail op déi ganz Saachen do agoen.

Mä et ass awer e wichtegt Gesetz iwwert de Prinzip, well beim Stat all Joer 350 bis 400 Soumissiounen erauskommen; eng 80 bis 100 Marchés négociés pro Joer. Bei de Gemenge schéngt et datselwecht ze sinn. An et schwätzt een dovunner, dass 16% vum PIB, dat heescht eng ronn 9 Milliarden Euro, all Joer iwwert d'Marché-publicen un d'Betriber verdeelt ginn an an d'Economie afléisen. D'Travaux publics maachen eng 45% aus vun de Montanten, d'Fourniturë 40% an d'Servicer 15%. Et ass net näischt.

Wat eis feelt, Här Minister, dass wär e Site Internet, wou sämtlech Marché-publice vum Land, och déi vun de Gemengen, kéinte sech zesummefannen a wou ee kéint do och verschidde Statistiken noliessen, wou ee verschidden Informatiounen kéint kréien, wat wou wéi doruechter leeft. Dass schéngt mer een Deel vun der Informatioun ze sinn, déi ganz nützlich wär. An ech weess, Dir hutt do esou e Site Internet. Et wär also gutt, wann een dee kéint e bëssen auswäiten an zousätzlech Informatiounen an dat Ganzt erabréngen, well et ass an deem Sënn e ganz wichtegt Gesetz, speziell fir d'Handwierk an de Commerce.

Wat d'Form ugeet, esou muss ee soen, dass mer endlech highaange sinn, souwuel ënnert der viregter Regierung wéi ënnert dëser Regierung, fir d'Gesetzgebung iwwert d'Marchés publics ze änneren iwwert d'Gesetzter. An de Joren 1994, 1996 wor do eng aner Method. Do ass d'Regierung highaangen a si huet déi Direktiven ëmgeännert, also an onst Recht agefouert, iwwer Règlements grand-ducaux. Dee System ass net deen allerbeschten, well doduerjer eng etlech Iertëmer an och Imprécisiounen an d'Texter drakommen. Et ass besser, wann dat heiten alles iwwert de Wee vun der Chamber geet. A waméiglech soll ee sech och Zäit loosse.

Mä ech mengen, dës Gesetzgebung ass vun iergendengem Fluch belueden. Mä dass lescht Gesetz ass gestëmmt ginn am September 2003, wann ech mech gutt erënnere, an datselwecht Joer, am Juli 2003, hat d'Europaparlament schonn an zweeter Lecture déi Direktive gestëmmt, déi mer haut ëmsetzen. Just nuren, fir lech ze soen, dass deen Décalage do ass.

Da muss een och soen, dass de Conseil d'État sech hei - d'Regierung hat de Projet de loi relativ an eenegermoosse mat Zäiten erabruecht - nach ganz vill Zäit gelooss huet. Dass hei ass net gutt, well een deen Ablack eng Dualitéit vu Gesetzgebungen huet; dass eent um nationale Plang. An déi europäesch Gesetzgebung spillt awer mat eran, ouni dass se awer iergendwéi an eist Nationalrecht ëmgesat ginn ass, an engem Text dosteet, mä awer ass se d'application.

Da stellt sech an dëser Fro awer och nach eppes Wichtiges. Dass ass de Règlement grand-ducal. Ouni Règlement grand-ducal kann ee mat dësem Gesetz näischt ufänken. Dofir wollt ech d'Regierung froen, ob se scho vläicht héieren huet, wéini de Conseil d'État wëlles hätt de Règlement grand-ducal ze aviséieren, well soss bleift dat Gesetz hei nees erëm Lettre morte.

Da muss ee sech och d'Fro stellen, wa mer an deem Gesetz hei e Règlement grand-ducal hunn, fannen ech, dass déi Aart a Weis, wéi de Règlement grand-ducal ausgeschafft ass, net déi allerbeschten ass. Woufir? Well mer keng Mesure d'exécution dran hunn, mä ganz oft Dispositiounen vum Gesetz mat dran hunn. An dass ass net déi allerbeschte Lecture.

Déi aner Saach, wou een eng Kéier misst dem Conseil d'Etat eng Fro stellen, ass iwwert d'Adaptatioun vun de Montanten, déi an dësem Gesetz stinn an déi periodesch vun der Commission européenne décidéiert ginn. Déi geschéien hei iwwert de Wee vu Règlements grand-ducaux oder anere Moyaenë souguer nach. Mä mir hunn awer kierzlech och en Avis foudroyant vum Statsrot gelies, wou e gesot huet, esou Montantë missten iwwert d'Gesetz goen. Dass wor bei der Gesetzgebung de minimis, déi mer d'lescht Woch décidéiert hunn. Och do wär et heiansdo emol gutt, wann de Conseil d'État eng Linn géif an dat Ganzt mat erabréngen, well et gëtt eng etlech Schwierigkeeten dodran.

Zum Fong selwer an deene puer Minutten, déi mer zur Verfügung stinn, esou ass, mengen ech, eppes wichtig. Dass sinn, géif ech soen, aacht Punkten, op déi ech wëll agoen.

Dass eent ass den Achat public. Dee muss méi grouss gemaach gi fir ons PMEen. Dass gëtt méiglech duerch dëst Gesetz iwwert d'Méiglechkeet, fir Loten ze schafen. Dass heescht, dass een e gréisseren Objet kann an e puer Loten opdeelen an deen Ablack un e puer Entreprisë verginn.

Wat mer awer feelt an dësem Gesetz, mä wat kann an engem anere Gesetz nokommen, dass d'Sous-traitance besser ze schützen. Et ass an där Welt, wou mer liewen, esou, dass ganz oft ganz grouss Entreprises e gréisssere Marché kréien, a si sous-traitéieren. An do misst eis Gesetzgebung iwwert d'Sous-traitance e bëssen de moderner Kritären ugepasst ginn, notament fir et de Sous-traitanten ze erlaben, bal déiselwecht Rechter ze kréie wéi d'Soumissionnairen, well soss, wann déi Gesellschaft a Schwierigkeete kënnt oder wa Streidereien tëschent dem Sous-traitant an dem Soumissionnaire entstinn, dann ass déi Situatioun net onbedéngt geregelt. Ech wär dofir och frou gewiescht, wann d'Regierung kënnt op dee Wee goen.

Dann, wichtig ass:

- d'Transparenz an de Prozeduren;

- d'Sécurité juridique fir Stat a Gemeng;

- méi Effikassitéit duerch nei Technologien am Gebitt vun der Informatioun an der Kommunikatioun. Dass schéngt vum Prinzip hier an dësen Direktiven, déi elo ëmgesat ginn, zrëckbehale ginn ze sinn;

- méi eng einfach Législation. Do muss ech soen: Dass ass net de Fall an dass ass och ee vun de Bedenken, déi mer hei bei dësem

Gesetz hunn. Woufir? De Prinzip, wéi mir e gesinn, ass, dass mer eng eenzeg Gesetzgebung hätt fir déi national an déi europäesch Marchéen an dass déi eenzeg Differenz déi wär vun der Publikatioun vun de Marchéen um europäeschen oder um Weltplang, jee nodeem wéi héich de Montant ass.

Wann ee vu Simplification administrative fir d'Betriber schwätzt, an och fir d'Gemengen, fir de Stat: Wann een eng eenheetlech Prozedur huet, ass dat méi einfach, wéi wann een all Kéiers muss kucken, op wat fir ee Montant wat sech bezitt a wou ee sech da muss amüséieren.

Dann hätt ee sech och verschidde Saache wéi déi, déi mer elo hei hunn - déi Definitioune, wou d'Madame Brasseur virdu mat Recht drop higewisen huet, wou mer se an engem Artikel hunn an an engem zweeten Artikel och nach eng Kéier haargenau déiselwecht hunn, dann hätt ee sech dat kënnen spueren, an déi nuren an engem Artikel an op enger Plaz gehat, dann hätt een et wéinstens do richtig gehat.

Deen anere Punkt, deen ons wichtig schéngt, ass natierlech, dass ee vun deenen Environments- a Sozialklauselen, Konditiounen a Kritäre ka profitéieren. Ech bedauere just, dass hei déi vum Commerce équitable net mat zrëckbehale gi sinn. Dass ass eng Méiglechkeet, déi besteet. Do gëtt et eng Kommunikatioun vun der Commission européenne, déi et och méiglech gewiescht wier, hei ënner verschiddene Kritären, fir verschidde Produitë kënnen ze respektéieren.

Wat hei nei ass a wat wichtig ass, ass, dass déi Kritären elo mussen hierarchiséiert ginn. Dass ass dat, wat nei ass. Virdu war dat an deem Gesetz net de Fall. Elo musse se hierarchiséiert ginn, an eng Pondératioun muss geschéien.

Wat ech awer an dësem Gesetz dann nees erëm bemängelen, ass, dass déi Environments- a Sozialkritäre fir déi normal Marché-publice spillen, um nationale Plang an um europäesche Plang, mä si spillen net fir déi Marché-publicen en matière vun Transport, vun Energie a vu Waasser an esou weider, well do an deem Artikel stinn déi Environmentskritären net dran.

(**M. Laurent Mosar prend la Présidence**)

Ech mengen, dass war vläicht e bësselche séier gaangen, mä et gesäit een nees eng Kéier: Wann ee Prinzipië festhält, ass et besser, et hält ee se fest fir sämtlech Livren, an net se limitéieren op deen éischten an deen zweeten. Do gesitt Der heiansdo, dass d'Technique législative och schwierig ass, an et ass heiansdo besser... Mä ech hoffen awer, wa mer nach e puer Direktiven ëmsetzen hunn, an och bei der Sous-traitance vläicht eppes änneren, dass mer dann d'Geleeënheet huelen, fir dee Problem do mat ze léisen.

En anere Punkt, op deen ech wëll agoen, ass dee vun der Sprooch. Wann een hei d'Sproochegesetzgebung huet, déi mer zu Lëtzebuerg hunn, da kënnen elo d'Soumissions publiques an dräi Sproocher gemaach ginn, franséisch, däitsch a lëtzebuergesch. Et ka souguer esou sinn, dass e Soumissionnaire ka froen, dass en den Dossier Soumission iwwersat kritt. Ech wëll jiddweree just nuren drop hiweisen, wat dat kënnt gegebenfalls fir Amüsementer a fir Fraisë bréngen. Ech géif also och do d'Regierung bidden, dass mer ons mussen awer vläicht - grad wéi mer dat op aner Gebidder hunn - verschidde Kritäre ginn, wéi mer déi Sproochkonditiounen do kéinte regelen.

En anere Punkt, mat deem mer net d'accord sinn, ass, dass de Fonds du Logement nees eng Extrawerscht gebrode kritt am Artikel 20, grad wéi déi A.s.b.l.en, déi iwwer 50% subventionéiert gi vum Stat. Déi brauche sech och net de Soumissions publiques ze ënnerwerfen. Mir fannen dat net gutt. Dass ass eng relativ ongesond Situatioun.

En anere Punkt ass dee vun der Commission des soumissions. Déi bleift ënnert den Uerdere vum jeeweilege Bauteminister. Dass ass net gutt. Dass widderpricht och enger europäescher Kommunikatioun vum 11. Mäerz 1998, déi déi europäesch Regierungen opgefuerdert huet, dass déi Commissions des soumissions sollten alleguerten onofhängeg si vun deenen eenzelne Regie-

rungen a Ministèren, fir justement eng gewësse Neutralitéit kënnen erbäizebréngen. Dat ass hei net de Fall.

Da muss een e puer Froen nach stellen. Ech wëll déi just nure kuerz nach ernimmen.

De Pouvoir adjudicateur ass ons Zentralbank. Ass dat e Pouvoir adjudicateur oder net? An anere Gesetzgebunge gëtt d'Zentralbank ernimmt, spezifesch, well déi e Statut particulier huet. Dat ass hei och e bësselchen onkloer.

Da bedauern ech, datt d'Entreprises an d'Sociétés, déi an de konsolidéierte Joreskonte vun Entreprisë stinn, déi öffentlecht Kapital hunn, net hei dem Soumissionns-gesetz ënnerworf sinn. Dat schéngt mer och en Oubli ze sinn.

Dann, bei deem drëtte Buch geet et ëm Entités adjudicatrices. Ech hu gekuckt, fir eng Definitiou vum den Entités adjudicatrices ze fannen. Ech hu keng fonnt. Do steet just nach eng Kiéier „Pouvoirs adjudicateurs“. Et ass zwar méi oder weïneger datselwecht, mä ech mengen och, datt et hei e bësselche séier gaangen ass, an datt een hätt missen esou eng Definitiou awer an ons Gesetzgebung mat erabrénge.

Dann hunn ech e Problem mam Artikel dräi 1.a), wou gesot gëtt, datt d'Marché-publice musse par écrit gemaach ginn. Ech muss mech do wonneren, well mer hu par ailleurs elo elektronesch Moyerë virgesinn, d'Enchères électroniques, système d'acquisition dynamique. An do ass alles virgesinn, mä keen Écrit. Elo kann ee vläicht soen, datt eng Signature électronique och eppes bréngt, mä et ass nach ëmmer keen Écrit. Duerfir mengen ech, datt mer och hei misste vläicht nach eng Kiéier kucken, fir méi prezis op déi Saach do anzegoen. Ech fäerte soss, wann et eng Kiéier zu Streide-reien a Recoursë kënn, datt deen Ablack e Soumissionnaire sech kéint domadder amü-séieren.

Am Artikel dräi 13. geet Rieds vun engem Vocabulaire vun de Marché-publicen, an e verweist op e Règlement vun 2002. Mä dat Règlement ass awer de 16. Dezember 2003 geännert ginn. Duerfir mengen ech, datt et och besser gewiescht wier, wann ee gesot hätt „tel que modifié“, dann hätt een och deenen eenzelne Modifikatiounen kënnen Rechnung droen.

Da feelen am Gesetz déi europäesch Normen, déi musse respektéiert gi bei de Soumissions publiques. Ech ziele se net all op, well et ass eng ganz Abberzuel vu verschid-den Technologien, also vu verschid-den Normen, déi festgehal sinn.

D'Procédure ouverte schéngt mer och relativ, dat heescht, déi normal Soumission schéngt mer net genügend definéiert ze sinn. D'Soumission sur performance ass och net notéiert.

Bref, et ginn hei an dësem Gesetz eng et-lech Saachen, wou ech d'Regierung wirk-lech géif bieden, respektiv de Successeur, deen dat an der nächster Legislatur wäert maachen - vläicht ass et och deeselwech-ten, on se succède parfois à soi-même -, awer ze kucke fir do Léisungen ze fannen, fir éischdens e Marchés-publics-Gesetz ze hunn, wou ee fir déi national an déi euro-päesch Marché-publicen déiselwecht Ge-setzgebung huet, wou just nuren eng Diffe-renz ass mat der Publikatioun, wat staark Vereinfachunge fir d'PMEen an d'Verwaltun-gen an d'Gemege wäert mat sech zéien.

Dat Zweet ass, datt mer d'Règlements grand-ducaux wirklech nuren an der Exe-kutioun gesinn, an datt mer net do wichteg Dispositionen dran hunn, déi besser an e Gesetz komm wieren.

Dat Drëtt, wat néideg ass, ass, datt mer ver-schid-den Texter vläicht preziséieren, vläicht revidéieren.

A last but not least wier et gutt, wa mer e Site Internet hätten, deen e bësselche méi Informatiounen géif ginn, an och déi Marché-publicen, déi um europäesche respektiv um kommunalen Niveau ausgeschriwwen ginn, datt een déi och do kéint méi liicht fannen, wéi dat elo de Fall ass.

Dat gesot, si mir also d'accord fir déi Direk-tiv hei ëmzesetzen. Mä vu datt mer e puer juristes, technesch - loosse mer et esou nennen - Préoccupatiounen bei dësem Ge-setz hunn, wäerte mer ons aus deene Grënn enthalten.

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Henckes Merci, an elo huet d'Regierung d'Wuert, den Här Bauteminister Claude Wi-seler.

» **M. Claude Wiseler, Ministre des Tra-vaux publics.** - Merci, Här President. Ech wëll och ufänken, andeem ech dem Rap-porteur Merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi hei gemaach ginn ass. Ech hu fonnt, datt mer an dësem Dossier, wat e wichtigen Dossier ass fir d'Regierung respektiv fir all déi Aarbechten, déi och vun de Gemengen exekutéiert ginn, gutt a schnell eng kompli-zéiert Aarbecht konnte gemeinsam maa-chen.

Ech sinn och frou, datt mer haut deen Text hei hunn, well deen Text huet, wéi gesot, ganz vill Virbereedungsarbecht kascht. Deen huet och eng enorm Zuel u Réuniounen mat alle Partner bruecht, fir e bis op dee Punkt ze kréien, datt mer en elo hei kënnen stëmmen. Dat ass wirklech eng grouss Er-lichterung fir all déi, déi dorunner geschafft hunn.

Ech wëll eng Rei Explikatiounen ginn, déi och virdu beim Här Henckes ugeklonge sinn, firwat déi Direktiv elo eréischt kënn. Dir wësst - an den Här Henckes huet et gesot -, wéi mer 2003 deen Text gestëmmt hunn, war déi nächst Direktiv, déi mer dann elo hei ëmsetzen, zu engem Deel schonn an der Diskussioun an ass e puer Méint drop gestëmmt ginn. Den Text vun 2003 senger-zäit huet schonn eng ganz Rei vun deene Punkten, déi sengerzäit an der Diskussioun waren, dat heescht, déi an der Direktiv vun 2004 eréischt komm sinn, mat integréiert.

Hei si mer an enger Matière, wou et awer enorm wichteg ass - an ech mengen, all d'Riedner hunn dat gesot -, datt mer eng Sécurité juridique brauchen. Et war also ex-trem schwéier, nodeem datt mer den Text 2003 haten, nodeem datt esou e kompli-zéierten Text vu sämtleche Betriber awer muss ëmgesat ginn, fir da schonn 2004 erëm hinzugeen, andeem mer guer keng Er-fahrung domat haten, fir schonn erëm alles op d'Kopp ze geheien.

Et war also wichteg, an dat war och esou mat deenen eenzelne Partner, mat de Betri-ber, de Chambers ofgeschwat, datt mer awer géife probéieren op deene wesent-leche Punkten emol e weïneng Erfahrung ze kréien, deelweis och eng Jurisprudenz ze kréien, well et si schonn eng Rei Prozesser op deem alen Text gelaf, déi eis am Fong gewisen hunn, wou Schwächte wiere res-pektiv wou den Text kéint esou ouni Problem applizéiert ginn.

E puer Joer, dat heescht 2005, 2006, sinn also déi Aarbechten hei richteg ugaangen, an déi hunn och am Ministère eng ganz Zäit gebraucht, well mer och drop gehalen hunn, datt ebe just déi Aarbechten hei net géifen am Ministère eenzeg an eleng ge-maach ginn, mä datt mer mat deene Be-rufschamberen, mat deenen eenzelne Ver-triedunge vun den Entrepreneuren och géife re-gelméisseg zesummekommen, fir Punkt pro Punkt, Artikel pro Artikel duerchzekucken, mat der Chambre des Métiers, mat der Chambre de Commerce; an ech soen hin-nen hei villmools Merci fir déi Kollabora-tioun, well dat war vill Aarbecht.

Et geet jo net nëmmen drëm, datt d'Admi-nistratioun, de Stat oder d'Gemengen déi Gesetzgebung hei uerdentlech kënnen applizéieren. Et geet och drëm, datt d'Betriber se kënnen uerdentlech applizéieren, an datt mer net an e Gewulls hei erakommen, mä datt mer, déi eng Säit an déi aner Säit vun deem Spill hei, uerdentlech eens ginn a schnell virukommen. Dat ass och wat der Madame Brasseur hir grouss Suerg ass, déi si hei expriméiert huet. Duerfir huet deen Text e weïneng méi Zäit gebraucht, well mer mat de Betriber wollte kucken, datt et och fir si en Text géif ginn, dee kéint applizéiert ginn.

Mir hunn den Dépôt 2006 gemaach, Enn 2006. Mir hu virun e puer Wochen den Avis vum Conseil d'État eréischt kritt, duerfir konnten déi Aarbechten an der Chambers-kommissioun net méi schnell weidergoen, wéi dat elo de Fall ass. Et war awer och wichteg, hei d'Expertise vum Conseil d'État ze hunn. De Conseil d'État, deen eis d'ailleurs och op deenen haaptsächleche Punkte confirméiert huet, éischstens, datt mer konform zu der Direktiv wieren, an zweetens, datt eng gutt legislativ Aarbecht hei gemaach gi wier.

Weiderhin ass et esou, datt ech effektiv muss soen, datt dee Gesetzestext, dee mer haut stëmmen, nëmme komplett ass, wann e kann ëmgesat gi mam Règlement grand-ducal d'application. Ech weess net genau, wéini de Conseil d'État elo mat deem Avis kënn. Ech ginn awer dovunner aus, datt de groussen Drock och elo vum Conseil d'État an deenen nächsten Deeg wäert fort sinn,

esou datt an deenen nächste Woche kann en Avis vun deem Règlement grand-ducal hoffentlech da kommen, an datt mer déi zwee gemeinsam kënnen publizéieren an an d'Realitéit ëmsetzen. Deen ee brauch deen aneren, fir kënnen ze fonctionnéieren.

Dat Eenzezt, wat positiv an deenen Délaien elo war, war, datt mer d'Méiglechkeet haten, am Fong ee vun deene Punkten, déi mer wollten ëmsetzen am Kader vum Paquet so-cio-économique - an zwar d'Eropsetze vun de Seuilë fir déi Marchéen op 14.000 Euro Index gebonnen, dat heescht 103.000 Euro reell -, kënnen an dëse Gesetzestext direkt mat ze integréieren. E Gesetzestext, wou se och hi passen, a wat dann den Text 6010, dee mer an deem Paquet socio-écono-mique mat ofginn hunn, am Fong iwwerflës-seg mécht, well all déi Saachen an dësem Text hei integréiert gi sinn.

Wichteg fir mech an deem Text ass, datt mer fir d'Procédure restreinte négociée elo kënnen aner Seuilën asetzen: 55.000 iwwer Gré à gré, a bis zu 103.000 mat enger Rei Offeren, déi dann déi eenzel Pouvoirs adju-dicateurs musse froen. Dat geet sécherlech méi schnell, ass méi effikass a bréngt eis am Bau zolidd no vir. Wichteg ass, datt mer och elo relativ kloer an dätlich definéiert hunn, datt aner Kritäre kënnen hei mat-spillen, wéi d'Délais de livraison, wéi d'Qua-litéit, wéi den Développement durable, den Environnement, den Aspect social, an dat steet explicitement am Text.

Duerfir sinn och all déi Saachen, déi mer kënnen dorënner lafe loosse, an Zukunft méiglech. Déi Kritäre vun dem Développe-ment durable, Här Henckes - ech mengen, Dir hutt se genannt -, kënnen mer, esou wéi den Text elo formuléiert ass, mat als ee Kritär froen, wann et dann drëm geet, eng Soumission oder eng Procédure hei ze maachen. Dat ass also elo juristes och ofge-deckt, dat ass och juristes méiglech.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Mir kënnen och hei mat deenen neien Tech-nologië schaffen. Dat schéngt mer wichteg ze sinn. Et ass virdu gesot ginn, datt mer effektiv elo schonn e Site vu Marchés pu-blics hunn, deen och relativ gutt fonction-néiert, dee vu staatlechen Administratiounen benotzt gëtt, quasiment vun alle staatlechen Administratiounen konsequent benotzt gëtt, och vun enger ganzer Rei haaptsächlech grouse Gemege konsequent benotzt gëtt.

Wat mer net drop hunn, dat ass richtig, dat sinn elo einstweilen déi Statistiken, well mer se och vun der Benotzung vu méi klengen Entités adjudicatrices nach net alleguer drop hunn, an duerfir eis Statistiken och net aussagekräfteg wieren, well se net komplett wieren. Dat ass awer en Aspekt, wou Der musst wëssen, datt mer wirklech ganz zo-lidd, notamment am eGovernment, weider dru schaffen.

Do muss ech awer och soen, déi nächst Etapp ass eng ganz schwéier Etapp, well et haaptsächlech an den elektronische Mar-chéen drëm geet, datt se, wa mer se als eenzege Wee hunn, wéi e Marché ka ge-maach ginn, och op all Etapp esou ofge-séchert sinn. Dir musst also kënnen elektro-nesch d'Erausgi vun dem Cahier des charges assuréieren. Dat geet schonn haut.

Mä wann Der dann och wëllt assuréieren, datt dat, wat d'Entreprise lech elektronesch kann zrëckschécken, bis den Datum selwer, wou d'Soumission opgemaach gëtt, och muss secret sinn, an Der och elektronesch musst kënnen garantéieren, datt et secret ass, datt Der och bei all Réckfro, déi d'En-treprise jo d'Méiglechkeet an d'Autorisa-tioun huet ze maachen, déi och kënn elek-tronesch da maachen, wou Der all Kiéier musst nochecken, ëm wéi vill Auer dat ge-schitt ass, op jiddwere se kritt huet, an dat och elektronesch noweisbar muss sinn, ass dat éischdens vun der Informatik hier e ganz schwierege Prozess, mä dee kréie mer nach ouni Problem an de Grëff.

Mä vum Juristen hier, datt et och hieb-und stichfest ass, datt déi elektronesch Sou-missionen och zur selwechter Zäit elektro-nesch opgemaach ginn, an datt d'Opmaa-chen och ka bei den Entrepreneuren, net sur place, mä bei den Entreprisë selwer ge-kuckt ginn, ass dat net esou evident, an do si mer wirklech amgaangen zolidd drun ze schaffen.

En aneren Aspekt, dee fir mech wichteg ass, ass dee vum Dialogue compétitif. Dat gëtt eis, an et gëtt de Gemengen, eng ganz Rei nei Méiglechkeeten, fir Prozeduren un-zegoen. Et gëtt eis déi Méiglechkeet, datt mer, wa mer net d'Méiglechkeet hunn, e Ca-hier des charges esou kloer ze definéieren, wéi zum Beispill wa mer e PPP maachen, wou et net evident ass - wann s de wëlls iwwer 20, 25 Joer den Entretien beschreiwen, dann ass et net evident, dat schonn elo an engem Cahier des charges virauszegesinn -,

wou een also kann an engem Dialogue compétitif, wou ee ka mat den Entrepreneuren dialoguéieren, wat bis elo an der normaler Prozedur net méiglech ass, wat dann awer an dem gesetzleche Kader eng Normalitéit gëtt. Dat ass fir mech eng ganz flott an eng ganz wichteg Prozedur, wéi ee grouss, komplizéiert Chantiere kann an Zukunft ugoen, an déi eis och vill weiderhëllef.

Den Accord-cadre ass d'selwecht: Wa mer d'Méiglechkeeten hunn, auszeschreiwen am Accord-cadre, erspuert dat eis eng ganz Rei kleng Ausschreiwungen an et gëtt eis d'Méiglechkeet, auszeschreiwen an dee Moment ofzeruffen, iwwert de Laf vun de Méint, wa mer Aarbechte brauchen an och domat zu engem Deel besser Urgenzen of-zedecken.

Mir hunn och eng speziell Notioun hei dran iwwert déi Services an déi Associatiounen, déi mat handicapéierte Personne schaffen, wou mer kënnen Marchéë reservéiere fir deen Typ vun Entrepreneuren. Dat ass net fir d'Entreprises sociales no der europäescher Direktiv méiglech gewiescht, mä et ass awer fir d'Entrepreneuren, déi Travail protégé maachen, méiglech. Duerfir hu mer an all deene Livren déi do Prozedure mat dran iwwerholl.

Wat d'Madame Brasseur gesot huet, wat och fir mech wichteg ass, a wat eis säit 2003, well mer en Uerteel haten, dat eis Pro-cédure d'exclusion als anticonstitutionnelle considériert huet: Hei hu mer elo eng Base légale, déi mer bis elo net haten, wou mer kënnen déi Procédure d'exclusion an d'ex-clusion temporaire an - mir hunn et elo an d'Gesetz nach derbäigeschriwwen - d'Ré-siliatioun vun enger ganzer Rei vun esou Mar-chéë maachen, dann, wa ganz kloer Feeler bei der Entreprise sinn. Dat hëllef souwuel de Gemenge wéi et dem Stat hëllef, wa se mat Entrepreneuren ze dinn hunn, déi einfach net seriö sinn. Ech hoffen, datt mer dat esou mann wéi méiglech brauchen, mä ech si sé-cher, datt mer et déi eng oder déi aner Kiéier brauchen.

Déi Motioun, déi erabruecht ginn ass vum Här Clement, mengen ech ass eng, déi een duerchaus ka matdroen. Et muss een natier-lech ëmmer kucken, datt ee seng Soumis-sioun esou formuléiert, datt se konform ass zu der Gesetzgebung. Op jidde Fall d'Pro-duits du terroir soll een net aus esou Sou-missionen ausschléissen an d'Formula-tioun esou maachen, datt se deem ent-sprécht, wat ee wëllt.

Den Här Henckes huet eng Rei Saachen iwwert de Conseil d'État gesot. Ech muss soen, datt ech am grouse Ganzen iwwert den Avis vum Conseil d'État ganz zefridde sinn, well en op där enger Säit juristes eis confirméiert, datt de richtige Wee hei gaange ginn ass, an op där anerer Säit also eng ganz Rei Remarque gemaach ginn, déi den Text schlussendlech wesentlech ver-bessert hunn.

Et ass nach ee Punkt opbliwwen gewiescht, op deen ech awer wëll agoen, well och deen Avis, dee mer haut nach nogeschéckt krute vun der Chambre de Commerce, eng Remarque doriwwer mécht, deen doranner besteet, datt mer beim Artikel 85, dat heescht, do, wou de Conseil d'État eng Op-position formelle gemaach hätt, där Oppo-sition formelle net Rechnung gedroen hât-ten, an déi nach ëmmer géif am Text stoen.

Dat ass net richtig esou. De Conseil d'État huet déi Remarque gemaach, well hie keen Amendement op den Artikel 85 vun der Chamberskommissioun krut. E krut awer keen Amendement, well mer direkt an der Chamberskommissioun décidéiert haten, datt mer d'Suggestioun vum Conseil d'État tel quel géifen direkt unhuelen, an domat d'Opposition formelle op déi Aart a Weis vi-déieren a guer keen Amendement hu bräi-chen ze maachen. Dat heescht, déi duebel Opposition formelle ass mat där éischer Reaktioun vun der Chamber op Basis vum Artikel 85, denken ech, vidéiert gewiescht.

Et ass mer och evident, datt déi Erreur ma-térielle, déi d'Madame Brasseur signaléiert huet, wou eis den „est“ feelt am Text, selbst-verständlech richtig ass. Deen ass ier-gendwou ewechgerutscht an deene quasi-ment 100 Säiten, déi mer hei haten.

Wat de Fonds du Logement ugeet, ech mengen, dat ass och vum Här Henckes hei ervirgetrach ginn. Mir hunn hei an der Chamberskommissioun och doriwwer ge-schwat. Mir haten 2003 eng zolidd Diskus-sioun doriwwer. An dësem Text ass, wat de Fonds du Logement ugeet, nâischt geän-nert ginn, a mir hunn déiselwecht Prinzipië bäibehale wéi soss.

Da war nach eng Remarque iwwert d'Com-mission des soumissions gemaach ginn. Elo muss ee wëssen, datt déi Commission des soumissions ënnert der administrativer Tu-telle vun dem Ministère des Travaux publics

Mardi,
5 mai 2009

fonctionnéiert, datt ech awer ëmmer dorop gehalen hunn, datt déi Independenz, déi déi Commission des soumissions muss hunn, och bewahrt ass, datt ech och dohin e President genannt hunn, deen net Fonctionnaire vun den Travaux publics ass, deen och a ganzer Independenz kann déi Aarbecht maachen, datt ech dovunner ausginn, datt d'Chambren op där anerer Säit dat och maachen, déi och Représentanten do hunn. Dat Eenzezt, wat de Ministère des Travaux publics haaptsächlech mécht, ass d'Sekretariat dovunner - déi materiell Aarbecht.

Ech hunn och elo an deene leschte fënnef Joer kee Moment esou Kritiken héieren, déi an deene Jore virdrun alt heiansdo waren, datt d'Commission des soumissions net hir Independenz agehalen hätt. Ech hu keng eng kéier esou eng Kritik héieren, an ech fannen, datt déi Leit menger Appréciatioun no gutt hir Aarbecht maachen.

Da kommen ech nach eng kéier op déi puer Saachen, déi den Här Henckes gesot huet. Deen éischte Prinzip, datt Dir sot, et géif ee méi eng einfach Législatioun kënnen maachen.

Jo, et kéint een alles an d'Gesetz schreiwen, et kéint een alles an d'Reglement schreiwen. Mir hunn déi hei Opdeelung gewielt, well mer déi grouss Prinzipië wollten am Gesetz stoen hunn, eis an der Applikatioun awer méi Flexibilitéit am Règlement ginn. Dat obligéiert natierlech d'Leit, an deenen zwee Texter ze liesen.

Mir hunn och déi dräi Livres gemaach, obwuel Dir sot, et wär besser alles an engem Livre gewiescht. Elo hu mer verschiddeentlech Saache répétitiv. Mä eis huet et och geschéngt, oder 2003 deene Leit, déi den Text gemaach hunn, dat wär méi sënnvoll, well d'Leit dann, déi an engem Livre schaffen, alles an deem Livre zesummen hätten an net missten hin an hier goe fir dat eent oder dat anert.

Ech kann Är Reflexioun suivéieren, mä ech soen lech souwisou: Bei där Quantitéit vu Saachen, déi mer an deem Text hunn, ass et esou oder esou schwéier, inklusiv fir Juristen, dat alles ze integréieren an dat alles präsent ze hunn. Do muss een ëmmer mat den Texter schaffen. Mir hunn hei eng Forme de présentation gewielt, wou mir mengen, datt se gutt wär. Ech verstinn, datt een anerer Meinung ka sinn, mä ech hoffen, datt dat elo klappt, an ech mengen och, datt et klappt.

Da sot Der, datt mer eng Referenz falsch gemaach hätten op Basis vun enger Direktiv. Do muss ech soen, datt mer eis hei um Text un d'Grondreglement referéiert hunn, wat en Text vun 2002 ass, datt et richtig ass, datt d'Kommissioun deen Text do regelméisseg, all sechs Méint oder all Joer, modifizéiert, mä op Basis vum Grondreglement, op dat ee sech da ka referéieren, wat modifizéiert ass, sou datt et legal, mengen ech, okay ass, wa mer dat esou maachen.

Dat Zweet ass déi Geschicht vun den Entité-adjudicatricen, wou Der vun den Définitione geschwat hutt. Ech hunn dat elo nach eng kéier an där kuerzer Zäit, wou ech hat, probéiert nozekucken.

Wann Der kuckt, steet an dem Artikel eng Définition, also steet am Chapitre, dat intituléiert ass «Entités adjudicatrices», eng Définition vum Pouvoir adjudicateur dran. Wann Der awer dann den Artikel 56-2 kuckt, gesitt Der, datt et esou définéiert ass, datt d'Entité adjudicatrice de Pouvoir adjudicateur ka sinn. De Pouvoir adjudicateur ass définéiert mat Stat, Gemengen oder Kollektivitéiten, Associations de collectivités locales. Mä da gëtt gesot, d'Entité adjudicatrice kann de Pouvoir adjudicateur sinn oder d'Entreprise publique, déi Adjudicationen op Basis vun den Artikelen 57 bis 61 mécht, wat also zwou verschidden Définitione vun der Entitéit an dem Pouvoir sinn. Sou ass et op jidde Fall am Text gemengt.

Wat dann de Livre dräi ugeet, wou Der sot, datt déi ekologesch, déi environmental Saachen net méi am Livre dräi zréckbehalen sinn - dat ass richtig an och net richtig. Et ass richtig, dat hutt Der gutt gelies, datt et net am Livre dräi drasteet tel quel. Well de Livre dräi och esou, wéi en hei figuréiert, d'Transposition exacte vun der Direktiv ass, a mer net wollten, sous risque, fir duerno eng falsch Ëmsetzung reprochéiert ze kréien, dat anescht dohinner schreiwen.

Par contre mengen ech, datt een awer muss higoen an och de Livre eent liesen. Dat ass deelweis, wat Der eis reprochéiert, datt een a verschiddene Livres muss liesen. Mä wann een dat hei mécht, gesäit een, datt déi Notioun vun Ëmwelt och fir de Livre dräi applikabel ass.

(Coups de cloche de la Présidence)

Domat halen ech dann op. Just déi lescht Remarque hei: Wann Der nämlech den Artikel 1 liest, da liest Der do, datt...

(Coups de cloche de la Présidence)

... «sans préjudice des dispositions spécifiques prévues aux livres II et III», also unni dat, wat spezifesch an de Livres II et III ass, déi Dispositiounen vum Livre I «applicables à tous les marchés passés par les pouvoirs adjudicateurs» sinn.

Dat heescht, alles dat, wat uginnt ass a wat net anescht am Livre dräi steet vun de Principes généraux, déi sinn also valabel fir déi dräi Livren. A bei de Principes généraux steet am Artikel 4, datt d'Adjudicateuren «veillent à ce que lors de la passation des marchés publics, il soit tenu compte des aspects et des problèmes liés à l'environnement et à la promotion du développement durable», wat also och dee Moment applikabel ass a mengen Ae fir de Livre dräi.

Dann Är lescht Remarque, wou ech wollt probéieren drop ze äntwerten, quitte, datt ech mengen, datt se u sech näischt mat deem hei Text ze dinn huet, dat ass déi vun de Sous-traitanten.

Fir mech ass et wichteg, datt an deem Text, wa mer Marchéen ausschreiwen, et fir de Pouvoir adjudicateur ëmmer kloer ass, datt déi Sous-traitantë mussen definéiert sinn, datt se mussen gemellt sinn, an datt mir als Pouvoir adjudicateur oder als Entité adjudicatrice mussen wëssen, wie wou schafft, datt mer och kënnen déi Kontroll korrekt maachen, ob dee Chantier uerdentlech ofsetzt.

Wat awer elo tëschent dem Soumissionnaire an dem Sous-traitant als Lien juridique besteet, ass awer net onbedéngt de Problem vun dem Pouvoir adjudicateur. Dee muss just wëssen, datt e Lien besteet. Wéi dee Lien en définitive awer genau ausgesäit, mengen ech, muss vläicht geregelt ginn, mä net hei onbedéngt an engem Soumissionstext geregelt ginn.

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- ...e speziell Gesetz iwwert d'Sous-traitance.

» M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics*.- Jo, gutt, mä dat huet awer elo näischt mat deem Text en fin de compte ze dinn.

An de Schluss, dat Lescht, dat ass, wat Der gesot hutt iwwert d'Contrats par écrit. Hei huet de Conseil d'État, mengen ech, effektiv eis den Term „par écrit“ bäigefügt, mä dat empêchéiert awer net, datt d'Marchés publics an der Prozedur vum Marché duerch aus kënnen elektronesch gemaach ginn, datt de Kontrakt, deen awer do e Contrat soll sinn, datt deen awer par écrit muss gemaach ginn. Dat ass awer nach eppes anescht. Wann dee muss par écrit gemaach ginn, kann d'Procédure vum Marché awer duerchaus eng aner Form nach ëmmer huelen.

Voilà, ech soen lech Merci fir déi Gedold, mat där Der mer nogelauschtert hutt bis zum Schluss.

» M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet, woubäi ech nach eng kéier wëll soen, dass op der Säit 24 am Artikel 33 hanert den Termen „la concession de travaux publics“ dat klengt Wuert „est“ bäigefléckt gëtt. Mir hunn dem Statsrot dat an engem Bréif matgedeelt a gesot, dass et sech hei ëm eng Modification rédactionnelle handelt, well einfach dat klengt Wuert do verluer gaang ass.

Mir stëmmen dann also of iwwert deen Text esou, wéi en elo proposéiert ass.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Vote fänkt un. Et feelt nach ee Vote. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5655 ass ugehall mat 55 Jo-Stëmmen, bei 4 Abstentionen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 5655 est adopté par 56 voix pour et 4 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers (par M. Lucien Clement), Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Christine Doerner), Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par Mme Martine Stein-Mergen), Marc Spautz (par M. Michel Wolter), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen (par M. Charles Goerens), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

M. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen).

Se sont abstenus: MM. Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Motion 1

Mir hunn d'Motioun, déi den honorabelen Här Clement déposéiert huet. De Moment huet se dräi Ënnerschrëften, well d'Madame Brasseur gesot huet, si géif se mat ënnerschreiwen.

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Ech hu se och mat ënnerschriwwen.

» M. le Président.- Dann hu mer der véier.

(Interruption)

An den Här Sauber ënnerschreift mat. Da sinn et der fënnef.

Kënnen mer iwwert déi Motioun par main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Da sidd Der gebieden, d'Hand ze hiewen, déi domat d'accord sinn.

Ech gesinn, dass dat d'Unanimitéit ass. Domat ass déi Motioun ugehall.

Mir kommen dann zum leschte Punkt vun eise Ordre du jour, dat sinn d'Konte vum Service intérieur vun der Chamber. Den honorabelen Här Camille Gira ass Rapporteur a presentéiert eis d'Konten.

9. 6032 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2007

Rapport de la Commission des Comptes

» M. Camille Gira (*DÉI GRÉNG*), *rapporteur*.- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kolleegen, ech därff lech am Numm vun der Kontekommissioun ganz kuerz de Rapport zum Exercice 2007 presentéieren.

Dir kënnt lech vläicht erënneren, et ass nach net ganz laang hier, dass mer hei den Exercice 2006 presentéiert hunn. Mir hate gesot, mir géife probéieren, alles ze maachen, dass mer nach virun de Wahlen den Exercice 2007 iwwert d'Bühn kréichen. Dat ass de Fall, dat ass awer net der Kontekommissioun hire Mérite. Dat ass de Mérite vum Büro, vum Greffe, vun de Leit aus dem Service Comptabilité. Duerfir wëilt ech deenen alleguerten hei ganz häerzlech Merci soen, dass dat elo méiglech war. Mä generelle Merci och fir déi exzellent Aarbecht, déi se d'ganz Joer maachen, an zousätzlech der Madame Biasini fir hir wäertvoll Hëllef fir d'Ausschaffe vun deem Rapport.

Ech wäert mech och, well awer guer näischt Aussergewöhnleches beim Exercice 2007 ze mellen ass a well Der alleguerten eng ganz elle Woch virun lech hutt, wierklech op de strikte Minimum hei limitéieren, fir lech ze soen, dass Der am Bilan gesitt, dass mer en Aktiv an e Passiv vu 16,5 Milliounen Euro hunn, dass aus de Comptes des revenus et charges erausgeet, dass mer 1,8 Milliounen Benefiss an der Chamber gemaach hunn 2007.

Mir haten eng Dotatioun aus dem Statsbudget vu 26,6 Milliounen kritt. Wann Der d'Tableau vergläicht, déi generell Tableaux, den Exercice 2006/2007, da gesitt Der, dass eng Augmentatioun vu 6,25% do erëmze-fannen ass tëschent dem Exercice 2006 an 2007.

Et ass evident, dass och d'Chamber dem Index ënnerläit, och dem Accord salarial, an dass do eng ganz Rei Dépenses automatisch an d'Luucht ginn.

Ech kann awer gradesou fir den Exercice 2007 dat soen, wat ech fir den Exercice 2006 scho gesot hat, dass hei an der Chamber och emol probéiert gëtt, eng ganz virsiichteg Politik ze maachen, dass mer probéieren, net all d'Kreditter voll auszuschöpfen. Sou ass et och, dass eigentlech d'Dépensé 5,3% manner héich sinn, wéi eigentlech derfir d'Kreditter am Budget virgesi waren.

Ganz kuerz eng kéier duerch déi eenzel Rubrike gaangen: Bei den Deputéierten ass et virun allem den Accord salarial mat der Prime vun 0,7% fir jiddwereen um Enn vum Joer, deen zu Buch läit. Bei der Rubrik B, Institutions parlementaires internationales, sinn 78.000 Euro manner erausgaangen. Et waren also manner Déplacementer international.

Bei de Groupes politiques ass e bësse méi eng wesentlech Augmentatioun. Dat kënnt doduerch, dass de Büro décidéiert hat, all Fraktioun en Attaché zouzegestoen, dee sech géif spezialiséieren, fir sech méi anzeklinken an d'EU-Politik.

Elo ass et lech selwer iwwerlooss, de Jugement ze maachen an de Bilan, ob mat deem zousätzleche Personal eis dat gelongen ass. Ech mengen, dee Bilan ass deelweis op anere Plaze gemaach ginn, an déi nächst Chamber muss sech sécher nach eng kéier intensiv mat där Problematik beschäftegen.

Bei der Rubrik D ass et evident, dass och eist Personal natierlech déi Prime vun 0,7% kritt huet. Ech kann ëmmer erëm nëmme widderhuelen, dass mer nëmme 56 Leit insgesamt, mat allem Drum und Dran, wann een esou salopp därff soen, hei schaffen hunn. Dat ass eigentlech weineng. Et kann een ëmmer nëmme widderhuelen, dass mer domadder awer capabel sinn, eng exzellent Aarbecht iwwert d'ganz Joer ze maachen.

Bei der Administratioun fällt op, dass mer e gudde Batz méi hunn. Do ass awer eng ganz einfach Erklärung. Do si praktesch 900.000 Euro am Beräich informatique Rechnunge gewiescht vu Aarbechten, déi am Joer 2006 exekutéiert si ginn, awer eréischt méi spéit erakomm sinn.

A bei der leschter Rubrik, dem Compte rendu, vu ronn enger Millioun, ass praktesch keng Differenz zu deem, wat am Joer virdu geschitt ass.

Voilà, dat ass en Total vu Fraisë vu 25,3 Milliounen. Dir hutt gesi bei de Konklusiounen, dass de Réviseur d'entreprises bestätegt, dass alles korrekt hei ofgaangen ass.

Sou dass ech zum Schluss eigentlech nëmme kéint recommandéieren, dat ze maachen, wat d'Kontekommissioun gemaach huet, nämlech déi Konte fir gutt ze befannen, se ze approuvéieren an de Président ze bidden, se mam Rapport un d'Cour des Comptes ze schécken, fir dass se do kënnen enregistréiert ginn. An ech géif lech domat bidden, déi Resolutioun mat mir och ze stëmmen.

Merci villmools.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Voilà, ech soen dem Här Gira Merci fir sâi Rapport. Ech gesinn, dass deen d'Zoustëmmung hei vum Haus fënnt. An duerfir stëmme mer elo opgrond vum Artikel 164 vum Chambersreglement of iwwert déi Resolutioun vun der Kontekommissioun, déi dee Wortlaut huet:

Résolution

La Chambre des Députés,

vu le rapport de sa Commission des Comptes,

approuve les comptes de l'exercice 2007 et prie son Président de transmettre la présente résolution et le rapport de la Commission des Comptes à la Cour des Comptes pour y être enregistrés.

Ass d'Chamber d'accord, fir par main levée iwwert dës Resolutioun ofzestëmmen?

(Assentiment)

Jo, dat ass de Fall.

Vote

Ech gesinn, dass déi Resolutioun d'Unanimitéit mécht, an ech wäert dann der Cour des Comptes déi zoukomme loossen.